N°4180
Entrée le 03.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Den 9te Juni huet de Wirtschaftsministère eng ëffentlech Ausschreiwung gemaach (n°2601104), fir een Industriesite an der Wirtschaftszon (ZAE) Wolser B zu Diddeleng ofzerappen an ze sanéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert de Wirtschaftsministère dësen Terrain no der Sanéierung selwer notzen, a falls jo, fir wéi ee konkreten Zweck?
2. Falls de Site no der Sanéierung fir privat wirtschaftlech Aktivitéite virgesi soll sinn, firwat iwwerhëlt de Staat an dësem Fall d'Käschte vun dëser Sanéierung?
3. War d'Firma, déi dës Infrastrukturen virdrun genotzt huet, eng klasséiert Firma am Sënn vum ofgeännerten Commodo-Incommodo-Gesetz vum 10te Juni 1999?
   Falls jo, ënnert wéi enger Klass an Nomenclauture?

4. Gouf de Site nom Enn vun der Notzung an deem Zoustand un de Staat zeréckginn, sou wéi den Artikel 13, Paragraf 7, vum Commodo-Incommodo et virgesäit? *(Toute cessation d'activité doit être déclarée à l'autorité qui a délivré l'autorisation et qui fixera les conditions pour assurer la décontamination, la démolition des immeubles, l'assainissement du sous-sol et la remise en état du site.)*

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten